Le représentant du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse indique que les données demandées sont publiées dans les rapports annuels, mais qu'il ne connaît pas les chiffres par cœur.

Monsieur le Vice-président Marc Hansen constate qu'il n'y a plus de questions et remercie les Ministres pour leur contribution. Il n'est pas certain que tous aient obtenu satisfaction, mais se dit ravi de la documentation et des explications obtenues.

Luxembourg, le 18 avril 2023

Procès-verbal approuvé et certifié exact




Zuelen a Fakten ronderëm déi non-formal Bildungsstrukturen

Pétition publique 2512: Elterengeld am plaz vun institutionellen
Ariichtungen

Commission des Pétitions

Commission de la Famille et de l'Intégration


Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement Supérieur et de la
Recherche






Themen

- ▶ Fréquentatioun
- ▶ Qualitéit
- ▶ Finanzéierung
- ▶ E Bléck op d'Gemengen an Regiounen






Wöchentlech Betreungszäit vun Kanner ënner 1 Joer



*50 % manner,
wéi nach am Joer 2012*

Kanner	Jan. 2012	Jan. 2017	Jan. 2022
ënner 1 Joer	33 St.	30 St.	28 St.


- ▶ D' Kanner ënner 1 Joer verbréngen ëmmer manner Stonnen an enger Crèche
- ▶ D'Unzuel u Stonnen wou Kanner ënner engem Joer, 40 Stonnen d'Woch oder nach méi laang, an enger konventionéierter Crèche verbréngen, ass ëm 50 % erfogaangen.
- ▶ An der Moyenne sinn méi wéi 60% vun de Kanner ënner engem Joer, manner wéi 6 Stonnen den Dag an enger konventionéierter Crèche ageschriwwen. Op d'Woch gesinn, sinn dat manner wéi 30 Stonnen.






Wöchentlech Betreungszeit

Kanner ënner 4 Joer




Déi wöchentlech Betreungszeit vun de Kanner **ënner 4 Joer** an enger non-formaler Bildungsstruktur ass an der **Moyenne iwwer déi lëschten Joren stabil bliwwen**. Allerdéngs léist sech feststellen dass am Kléngkand-Beräich d'Unzuel vun der wöchentlecher Betreungszeit kontinuierleech erof geet.

Kanner tëschent 4 an 12 Joer




Während de Schoulwochen sinn schoulpflichteg Kanner am Alter tëschent **4 an 12 Joer** an der Moyenne manner wéi 15 Stonnen an enger konventionéierter Maison Relais ageschriwwen. An der **Moyenne sinn dat manner wéi 3 Stonnen den Dag**






Impakt vum Congé parental op den Alter vun de Kanner an enger Crèche




- ▶ Kleng Kanner ginn méi spéit an d' Crèche, wéi nach virun e puer Joer.
- ▶ E wichtege Impakt hat d'Reform vum Congé parental (2016). D'Kanner sinn hautdesdaags méi al, wann si an enger Crèche sinn.






Kanner -ënner 3 Joer- déi vum Chèque-service profitéieren




- ▶ De Prozentsaz vun de Kanner, déi manner wéi een Joer hunn, ass geréng an ass an deenen lëschten Joren erof gaangen.
- ▶ Den Impakt vum Congé parental gesäit een dorun, dass nëmme nach knapps 20% vun de Kanner ënner engem Joer op den Chèque-service accueil zeréckgräifen.
- ▶ Non-formal Bildungsstrukturen ginn réischt fir d'Elteren mat Kanner ab engem Joer wichteg. Bis zu 80% vun den Kanner am Alter vun engem bis dräi Joer gräifen op dës Méiglechkeet zeréck. Wat d' Kanner méi al sinn, wat den Taux de recours erof geet.






« Taux de recours » vum Chèque-service accueil vun all de Kanner am Alter vun 0-12 Joer




- ▶ Sait dem Joer 2015 ass den « *Taux de recours* » vum Chèque-service accueil stabil bliwwen.
- ▶ An deenen lëschten Joren ginn konstant tëschent 52 % a 59 % vun de Kanner an eng non-formal Bildungsstruktur.






Entwécklung vun de Stonnen, an der Moyenne, während de Schoulwochen



- ▶ Sait der Aféierung vun der Gratuitéit an der Maison Relais (September 2022), bleiwen d'Kanner net signifikativ méi laang an de non-formalen Bildungsstrukturen.
- ▶ D'Unzuel u Stonnen, wou schoulpflichteg Kanner an enger konventionéierter Maison Relais betreit ginn, ass téschent dem Joer 2021 an 2022, ëm 1,5 Stonn pro Woch eropgaangen. Op d'Woch gesinn, sinn d'Kanner am Alter téschent 4 an 12 Joer an der Moyenne 15 Stonnen d'Woch an enger non-formaler Bildungsstruktur.






Finanziell Entlaaschtung duerch d'Gratuitéit

- ▶ Mat der Aféierung vun der Gratuitéit spueren Stéit mam Revenu médian 864 € am Joer.
- ▶ De System vum Chèque-service accueil ass e wichtegt Instrument vun der sozialer Gerechtegkeet.
- ▶ Eng Étud vum STATEC 2019 beleet, dass de Chèque-service accueil zu där Zäit den:
 - Taux de risque de pauvreté vun der gesamter Populatioun vu 16,5 % op 14,9 % reduzéieren géif.
 - Taux de risque de pauvreté bei Kanner sech bis zu 6 points de pourcentage reduzéieren géif.


Source: STATEC (2019) Rapport travail et cohésion sociale. L'état social et le bien-être de la société luxembourgeoise







Qualitéit as den wichtigsten Faktor

- ▶ Egal fir wéi een Betreuungsmodell een sech entscheet, (*sief et doheem, bei den Elteren, bei de Grousselteren, bei Dageselteren, an enger non-formaler Bildungsstruktur, ...*) ass et ëmmer d' Qualitéit
 - *vun der Betreuung,*
 - *vun der Interaktioun mam Kand,*
 - *vun der pädagogescher Offer ausschlaggebend,*
- ▶ Virun allem Kanner aus benodeelegten Elterenhaiser profitéieren vun enger Betreuung an enger non-formaler Bildungsstruktur.






Qualitätsentwicklung





Qualitéitsentwécklung




► *Quantitativen Ausbau:*

- Et gi méttlerweil 2,3 mol esou vill Plazen, wéi nach 2009

► *Qualitativen Ausbau:*

- Et gouf 5,5 mol souvill Budget an d' Bildungs- a Betreuungsstrukturen investéiert, wéi nach 2009, fir d'Qualitéitsentwécklung vun de Bildungs- a Betreuungsstrukturen ze ännerstétzen





Qualitéssëcherung

- ▶ Zanter dem Joer 2017 sinn déi non-formal Bildungsstrukturen obligéiert, all dräi Joer e pädagogesch Konzept virzeleeën, wat vun engem Agent regional vum SNJ evaluéiert an validéiert gëtt.
- ▶ Doriwwer eraus geet den Agent regional zwee mol am Joer an all non-formal Bildungsstruktur

Figure 5. Total des recommandations et obligations par dimensions indiquées aux SEA
(n = 784 rapports-suivi)






Figure 39. SEA - Selon vous, qu'est-ce qui a changé au cours des dernières années grâce au dispositif d'assurance qualité ? (n=664)



Source: SNJ (2023) Suivi de la qualité pédagogique auprès des SEA et des AP 2021





Personalschlüssel


► De Personalschlüssel, wéi dësen mindestens iwwert den Agreement virgeschriwwen ass, gëtt duerch weider finanziell Mechanismen a qualitativ Mesuren an der Praxis weider no uewen ugepasst:

- *Auslaaschtungsdelta vun 75%*
- *Planifikatioun vun de Betreuungsstonnen ginn um Niveau vun Plagen fixéiert (Blocs)*
- *Zousätzlech Personal duerch de Programm d'éducation plurilingue an de Crèchen (+10%)*
- *Zousätzlech Personal duerch d' Aféierung vun enger SEA-Inclusive (+1,5%)*

Public cible	ratio	Heures présences réelles / Heures encadrement réalisées		Heures présences réelles / Heures encadrement Totales *	
		2019	2021	2019	2021
SEAJ	< 3	2%	7%	12%	21%
	3-4	31%	42%	49%	55%
	4-5	44%	41%	37%	25%
	5-6	21%	9%	2%	0%
	6-7	2%	0%		
	7-8	0%	1%		
SEAS	< 3	0%	2%	1%	0%
	3-4	0%	5%	2%	6%
	4-5	8%	19%	9%	27%
	5-6	8%	23%	15%	33%
	6-7	38%	33%	37%	21%
	7-8	29%	11%	22%	8%
	8-9	8%	5%	9%	6%
	9-10	6%	1%	3%	0%
	10-11	1%	0%	2%	0%
	>11	3%	1%		

Heures encadrement totales : Heures éligibles selon formule

$$HET = f \{HPEB ; \text{plages horaires; Ratio}\} \boxtimes \text{Max} \{1040H ; 1,5\% * HPEB\} + \{HPEFÉ / 7,33 * 10\% \} * RRTT$$






Finanzéierung

- Käschten fir den Staat pro Platz/Stonn an enger non-formaler
Betreiungsstruktur:

Type	Coût mensuel par place agréé	Coût horaire par heure facturée
SEA conv.	NB: Données 2022 667€	12,01€


Postes	SEA non scol.	SEA scol.
Frais de personnel enc.	66%	53%
Frais de fonctionnement	34%	47%
• Dont Encadrement	1%	1%
• Dont Frais de Gestion	4%	5%
• Dont Administration	14%	15%
• Dont Repas	9%	17%
• Dont Nettoyage	5%	8%
• Dont Transport	0%	1%





Couverture vun der Offer an den Gemengen (Kantonen)


	Couverture offre d'accueil totale 0-12	Couverture offre d'accueil totale 0-3	Couverture offre d'accueil totale 3-12
National	77%	68%	80%
Norden	83%	65%	89%
Zentrum	76%	70%	78%
Osten	73%	53%	79%
Süden	74%	84%	69%






Couverture vun der Offer an den Gemengen (Kantonen)

Kanton	Couverture offre d'accueil totale 0-12	Couverture offre d'accueil totale 0-3	Couverture offre d'accueil totale 3-12
Capellen	73%	78%	71%
Clervaux	88%	84%	89%
Diekirch	89%	80%	87%
Echternach	66%	51%	66%
Esch-sur-Alzette	76%	88%	67%
Grevenmacher	74%	57%	80%
Luxembourg	72%	81%	68%
Mersch	80%	57%	90%
Redange	71%	39%	87%
Remich	77%	52%	87%
Vianden*	60%	47%	61%
Wiltz*	102%	80%	110%








Couverture vun der Offer par rapport zu der Zilgrupp



Couverture offre d'accueil totale 0-3



Couverture offre d'accueil totale 3-12




Couverture vun der conventionnéierter Offer




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Kanton	Couverture offre d'accueil totale 0-12 (conventionné)	Couverture offre d'accueil totale 0-3 (conventionné)	Couverture offre d'accueil totale 3-12 (conventionné)
National	61%	22%	77%
Capellen	54%	15%	68%
Clervaux	70%	32%	88%
Diekirch	69%	31%	88%
Echternach	53%	26%	63%
Esch-sur-Alzette	45%	12%	60%
Grevenmacher	67%	34%	80%
Luxembourg	53%	22%	64%
Mersch	72%	37%	88%
Redange	62%	9%	87%
Remich	64%	9%	87%
Vianden*	57%	47%	61%
Wiltz*	78%	26%	100%







Couverture vun der conventionnéierter Offer



Offre d'accueil conventionnée 0-3



Offre d'accueil conventionnée 3-12





LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Factsheet

**Zuelen a Fakte ronderëm déi
non-formal Bildungsstrukturen**

18. Abrëll 2023

Gutt Bildung fir jiddereen

An deene leschte Joren huet sech d'Bildung zu Lëtzebuerg staark entwéckelt a moderniséiert. Dobäi stoungen d'Kanner ëmmer am Mëttelpunkt. D'Kontinuitéit vun dësen Entwécklungen muss dofir och weider op d'Bedierfnisser vun de Kanner ausgeriicht sinn. An dësem Sënn investéiert de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend weider an d'Qualitéit vun den non-formale Bildungsstrukturen. Doriwwer eraus mussen dës Beméiungen och de gesellschaftlechen Erausforderungen a Bedierfnisser vum 21. Joerhonnert gerecht ginn.

Am Kader vum Traité de Lisbonne¹ goufen eng Rei Reformen an Ugrëff geholl. Zil vun dëse Reforme war virun allem, de gesellschaftlechen Defien eppes entgéintzesetzen:

- wirtschaftlech Erausforderungen;
- Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra;
- de Fraen e fräien Accès zum Aarbechtsmarché erméiglechen;
- Opfänke vun neie Familljekonstellatiounen (Monoparentaux);
- Opfänke vu Famillje mat engem Migratiounshannergrond;
- de Familljen a Kanner eng héichwäerteg a qualitativ Betreuungsoffer ubidden.

Doduerch, dass déi non-formal Bildungsstrukture wéi och d'Molzechte fir d'Schoulkanner gratis zougänglech gemaach gi sinn an doriwwer eraus eng national Hausaufgabenhëllef garantéiert gëtt, gouf e wichtege Schratt Richtung Chancëgläichheet fir all Kand gemaach.


All Kand huet d'Recht op eng qualitativ héichwäerteg Bildung.

Mat dësem Factsheet gëtt op rezent Entwécklungen aus den non-formale Bildungsstrukturen higewisen.

¹ Traité de Lisbonne (2007), <https://www.europarl.europa.eu/about-parliament/fr/in-the-past/the-parliament-and-the-treaties/treaty-of-lisbon>; Schlussfolgerungen des Europäischen Rates in Lissabon (2000), https://www.europarl.europa.eu/summits/lis1_de.htm (Artikel: 1-7; 28-30).

Unzuel u Stonnen, déi d’Kanner an enger non-formaler Bildungsstruktur verbréngen

Unzuel u Stonnen, déi d’Kanner ënner 1 Joer an enger Crèche verbréngen Januar 2012, 2017 & 2022



Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)


- D’Kanner ënner engem Joer verbréngen ëmmer manner Stonnen an enger Crèche.
- D’Unzuel u Kanner, déi ënner engem Joer 40 Stonnen d’Woch oder nach méi laang an enger konventionéierter Crèche verbréngen, ass ëm 50 % erofgaangen.
- An der Moyenne si méi wéi 60 % vun de Kanner ënner engem Joer manner wéi 6 Stonnen den Dag an enger konventionéierter Crèche ageschriwwen. Op d’Woch gesinn sinn dat manner wéi 30 Stonnen.

Moyenne vun der wéchentlecher Betreungszäit vun de Kanner ënner 1 Joer Januar 2012, 2017 an 2022

Kanner ënner 1 Joer	Jan. 2012	Jan. 2017	Jan. 2022
	33 St.	30 St.	28 St.

Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)


Unzuel u Stonnen, déi d’Kanner ënner 4 Joer an enger Crèche verbréngen
 Januar 2015-2022 (ausser 2020)



Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)

- An der Moyenne sinn d’Kanner ënner 4 Joer manner wéi 30 Stonnen d’Woch an enger konventionéierter Crèche ageschriwwen.
- Déi wéchentlech Betreungszeit vun de Kanner an enger non-formaler Bildungsstruktur ass an der Moyenne iwwer déi lescht Jore stabil bliwwen. Allerdéngs léisst sech feststellen, dass am Klengkand-Beräich d’Unzuel vun der wéchentlecher Betreungszeit kontinuierlech erofgeet.

Unzuel u Stonnen, déi schoulflichteg Kanner an enger non-formaler Bildungsstruktur verbréngen
 Januar 2015-2022 (ausser 2020)




Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)

- Während de Schoulwoche si schoulflichteg Kanner am Alter tëschent 4 an 12 Joer an der Moyenne manner wéi 15 Stonnen an enger konventionéierter Maison relais ageschriwwen. Am Duerschnëtt sinn dat manner wéi 3 Stonnen den Dag.

Impakt vum Congé parental op den Alter vun de Kanner an enger Crèche

Altersmoyenne vun de Kanner ënner 1 Joer, déi eng Crèche besichen

Januar 2010-2022 (ausser 2020)




Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)

- Kleng Kanner gi méi spéit an d'Crèche wéi nach virun e puer Joer.
- E wichtegen Impakt hat d'Reform vum Congé parental (2016). D'Kanner sinn hautdesdaags méi al, wa si an enger Crèche sinn.

Kanner ënner 3 Joer, déi vum Chèque-service accueil (CSA) profitéieren

Januar 2012, 2017 an 2022




Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)

Données: STATEC, Données relatives à la population du Luxembourg

- De Prozentsaz vun de Kanner, déi manner wéi ee Joer hunn, ass geréng an ass an deene leschte Joren erofgaangen.
- Den Impakt vum Congé parental gesäit een dorun, dass nëmmen nach knapps 20 % vun den Eltere vu Kanner ënner engem Joer op de Chèque-service accueil zeréckgräifen.
- Non-formal Bildungsstrukture gi réischt fir d'Eltere mat Kanner ab engem Joer wichteg. Bis zu 80 % vun den Eltere vu Kanner am Alter vun 1 bis 3 Joer gräifen op dës Méiglechkeet zréck. Wat d'Kanner méi al sinn, wat den Taux de recours méi erofgeet.

D'Gratuitéit huet kee wierklechen Impact op d'Betreiungszäit an d'Unzuel u Kanner an enger Maison relais


Entwécklung vun de Stonnen, an der Moyenne, während de Schoulwochen 2015-2022 (ausser 2020)



Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)

- Sait der Aféierung vun der Gratuitéit an der Maison relais (September 2022) bleiwen d'Kanner net signifikativ méi laang an den non-formale Bildungsstrukturen.
- D'Unzuel u Stonnen, wou schoulpflichteg Kanner an enger konventionéierter Maison relais betreit ginn, ass tèschent dem Joer 2021 an 2022 ëm 1,5 Stonne pro Woch eropgaangen. Op d'Woch gesi sinn d'Kanner am Alter tèschent 4 an 12 Joer an der Moyenne 15 Stonnen d'Woch an enger non-formaler Bildungsstruktur.

Taux de recours vum Chèque-service accueil vun all de Kanner am Alter vun 0-12 Joer 2010-2022 (ausser 2020)



Source: MENJE (2023), Données de la facturation du chèque-service accueil (CSA)

- Sait dem Joer 2015 ass den Taux de recours vum Chèque-service accueil stabil bliwwen.
- An deene leschte Jore gi konstant tèschent 52 % an 59 % vun de Kanner an eng non-formal Bildungsstruktur.


D'Familje gi substanzuell duerch d'Gratuitéit vun der Maison relais entlaascht

Grad an dëser ekonomesch schwéierer Zäit ass et wichteg, Familjen ze entlaaschten:

- Mat der Aféierung vun der Gratuitéit spueren Stéit mam Revenu médian 864 € am Joer.
- De System vum Chèque-service accueil ass e wichtegt Instrument vun der sozialer Gerechtegkeet.
- Eng Etude² vum Statec vun 2019 beleet, dass de Chèque-service accueil zu där Zäit:
 - den Taux de risque de pauvreté vun der gesamter Populatioun vu 16,5 % op 14,9 % reduzéiere konnt.
 - den Taux de risque de pauvreté bei Kanner ëm bis zu 6 Prozentpunkten zréckgaangen ass.

D'Qualitéit vun den non-formale Bildungsstrukturen huet e positiven Effekt op d'Kanner

D'Qualitéit vun den non-formale Bildungsstrukturen ass ausschlaggebend fir d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Kanner



Source: Zachrisson et al. (2018), *Universal Early Childhood Education and Care for Toddlers and Achievement. Outcomes in Middle Childhood*

Eng rezent wëssenschaftlech Studie³ iwwer de Kléngkand-Beräich weist, dass Kanner aus Familje mat engem manner héije Bildungsofschloss (am meeschten) vun enger Betreuung an enger non-formaler Bildungsstruktur profitéieren. Sou ass zum Beispill d'Entwécklung vun de mathematesche Kompetenze bei de Kanner méi héich, wann d'Kanner eng non-formal Bildungsstruktur besicht hunn, wéi wa si exklusiv doheem an der Famill betreit gi sinn.


Allgemeng beleeeën déi verschidde Studien:

- dass fir egal wéi ee Betreuungsmodell ee sech entscheet (*sief et doheem, bei den Elteren, bei de Grouselteren, bei Dageselteren, an enger non-formaler Bildungsstruktur ...*), ass ëmmer d'Qualitéit – *vun der Betreuung-, vun der Interaktioun mam Kand, vun der pedagogescher Offer* – ausschlaggebend fir d'Wuelbefannen an d'Entwécklung vun de Kanner.
- dass virun allem Kanner aus benodeelegten Elterenhaiser vun enger Betreuung an enger non-formaler Bildungsstruktur profitéieren. D'Viraussetzung dofir ass awer, dass déi jeeeweileg Bildungs- a Betreuungsstruktur eng gutt Qualitéit opweist.

² **Source:** STATEC (2019), *Rapport travail et cohésion sociale. L'état social et le bien-être de la société luxembourgeoise.*

³ **Source:** Zachrisson A.D., Dearing E., Topstad Borgen N., Jorde A.M., Karoly S.L. (2018), *Universal Early Childhood Education and Care for Toddlers and Achievement. Outcomes in Middle Childhood (Department of Special Needs Education, University of Oslo; Lynch School of Education and Human Development, Boston College; RAND Corporation and the Pardee RAND Graduate School)*, Link: <https://edarxiv.org/zrctw/> (page 29).

Um Niveau vun der Qualitéitsentwécklung gouf viles ënnerholl



Source: MENJE (2023)

Dispositif „Assurance de la qualité“:

➔ **Loi du 24 avril 2016 portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse**

- Aféierung vum *Cadre de référence nationale sur l'éducation non formelle*
- Obligatioun vun engem Concept d'action général fir all non-formal Bildungsstruktur
- Dokumentatioun vun der pedagogescher Praxis am Journal de bord
- Obligatioun vun 32 Stonnen op 2 Joer u Formation continue fir d'pedagogesch Personal
- pedagogesche Suivi duerch d'Agents régionaux vum SNJ (extern Begleitung an Evaluatioun)

Rezent Entwécklungen am Sënn vun der Qualitéitsentwécklung:

- Restrukturatioun vum Dispositif „Formation continue“
- Harmoniséierung vum Dispositif vun der Hausaufgabenhëllef
- Opbau vun engem nationale Réseau u Centre de ressources fir den non-formale Secteur

Ressourcen-Zentren – pedagogesch Ënnerstëtzung op Mooss an op Nofro



- INCLUSO (Fondation Apemh)
- SPILLZENTER (Arcus asbl.)
- CENTRE FORMIDA (Arcus asbl.)
- BIBLIOBUS (Caritas Jeunes et Familles asbl.)
- KANNERMUSÉE « PLOMM » (Kannerhaus Wooltz asbl.)

Duerch eng laangjäreg Expertise an ënnerschiddlechen Themeberäicher begleeden, beroden an ënnerstëtzen déi eenzel Ressourcen-Zentren déi pedagogesch Equippen aus den non-formale Bildungsstrukturen, hir pedagogesch Praxis konsequent weiterzuentwéckelen. Doriwwer eraus wäerten déi eenzel Ressourcen-Zentren zu hirem jeeweilegen Themefeld ëmmer nees nei Materialien entwéckelen, fir den non-formale Secteur am Alldag mat praktesche Ressourcen ze ënnerstëtzen.

- Opbau vun engem nationale Reseau un Eltereforen

Eltereforem – Austausch, Informatioun a Begleedung




- Marnach
- Niederanven
- Bettembourg

D'Elterefore riichte sech un all d'Elteren, vun der Schwangerschaft un an duerch all d'Liewensetappe vun hire Kanner.

D'Elterefore si Plazen, op deenen all d'Eltere sech an engem frëndleche Kader austauschen, informéieren a begleede loosse kënnen. D'Eltereforen erliichteren e vernetzt Zesummeschaffen a stëtze sech dobäi op e breede Spektrum u kompetente Partner am Zesammenhang mam Elteresinn.

Quantitativen a qualitativen Ausbau vun den non-formale Bildungsstrukturen




Source: MENJE (2023)

- **Quantitativen Ausbau:**
Et gi mëttlerweil 2,3-mol esou vill Plaze wéi nach 2009
- **Qualitativen Ausbau:**
Et gouf 5,5-mol sou vill Budget an d'Bildungs- a Betreiuungsstrukturen investéiert wéi nach 2009, fir d'Qualitéitsentwécklung vun de Bildungs- a Betreiuungsstrukturen ze ënnerstëtzen


Qualitéssécherung an -entwécklung duerch reegelméisseg Visitte vun den Agents régionaux⁴

- Zanter dem Joer 2017 sinn déi non-formal Bildungsstrukturen obligéiert, all dräi Joer e pedagogesch Konzept virzeleeën, wat vun engem Agent régional evaluéiert a validéiert gëtt.
- Doriwwer eraus ginn d'Agents régionaux zweemol am Joer an all non-formal Bildungsstruktur, fir sech e Bild vun der pedagogescher Praxis an den Entwécklungen ze maachen.
- Am Sënn vun der Qualitéssécherung an -entwécklung formuléiert den Agent régional während de Visitten ëmmer nees Recommendatiounen, fir d'Qualitéit vun der pedagogescher Praxis an den non-formale Bildungsstrukturen konsequent weiderzuentwéckelen.



Source: SNJ (2023), *Suivi de la qualité pédagogique auprès des SEA et des AP 2021* (page 11)

- Am heefegste goufe Recommendatiounen formuléiert iwwert:
 - d'Gestaltung vun de Raimlechkeete wéi och d'Spill-Material, wat de Kanner zur Verfügung steet;
 - d'Dokumentatioun vun der pedagogescher Praxis;
 - d'Qualitéit vun der pedagogescher Offer wéi och d'Qualitéit vun den Interaktiounen mat de Kanner.



Source: SNJ (2023), *Impact du dispositif de développement de la qualité sur le secteur de l'éducation non formelle SEA & AP 2016-2022* (p. 23)

⁴ Source: SNJ (2023), *Rapports et bilans sur le suivi de la qualité pédagogique*. Link: <https://www.snj.public.lu/publications/>

- Ëmfroe vum *Service national de la jeunesse* hunn erginn, dass 42 % vun de Leit aus den non-formale Bildungsstrukturen der Meenung sinn, dass sech d'Qualitéit vun der pedagogescher Praxis verbessert huet zanter der Aféierung vum Dispositif „Assurance de la qualité“ (2016).
- 53 % vun de befroete Leit ginn un, dass si reegelméisseg hir pedagogesch Praxis wéi och hiert Handeln hannerfroen a reflektéieren.

Investissementer an de Personalschlëssel vun den non-formale Bildungsstrukturen

- Iwwer verschidde Mechanismen a qualitativ Mesuren investéiert de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend zousätzlech och an de Personalschlëssel vun den non-formale Bildungsstrukturen.
- De Personalschlëssel, wéi dëse mindestens iwwert den Agreement virgeschriwwen ass, gëtt duerch zousätzlech finanziell Mëttel a Mesuren an der Praxis weider no uewen ugepasst.

Verschiede Mechanismen, déi de Personalschlëssel eropsetzen:

- *Auslaaschtungsdelta vu 75 %*
An den non-formale Bildungsstrukturen aus dem konventionéierte Secteur gëtt mat engem Auslaaschtungsdelta vu 75 % geschafft. Dat bedeit, dass d'Personal och finanzéiert gëtt, wann nëmme 75 % vun der geplangter Auslaaschtung (Präsenz vun de Kanner) finanzéiert gëtt. Doduerch geet de reelle Personalschlëssel erof.
- *Planifikatioun vun de Betreuungsstonne ginn um Niveau vu Plagë fixéiert (Blocs)*
D'Betreuungsstonnen an den non-formale Bildungsstrukture ginn op der Basis vun engem Maximum u Kanner gerechent, déi fir déi eenzel Plagen ageschriwwen sinn. Doduerch ass d'Personal och da präsent, wann d'Unzuel u Kanner sech während dem Dag (oder der concernéierter Plage horaire) reduzéiert.
- *Zousätzlecht Personal duerch de Programm d'éducation plurilingue an de Crèchen*
Am Kader vum Programme d'éducation plurilingue huet all Crèche (ob konventionéiert oder net-konventionéiert) e Supplement vun 10 % u Personalstonnen ze gutt, fir d'Betreiung vun de Kanner am Alter vun 1-4 Joer ze garantéieren.
- *Zousätzlecht Personal duerch d'Aféierung vun enger SEA-Inclusive*
Am Kader vun enger SEA-Inklusive huet all non-formal Bildungsstruktur aus dem konventionéierte Secteur ee Supplement pro Agreement ze gutt. Dëse Supplement ass op d'Unzuel vun de Kanner gerechent (1,5 % méi Personal, gerechent op déi geplangte Präsenzstonne vun de Kanner).